Esch-Uelzecht, de 5. November 2024

Léift Léierpersonal,

Mir freeën eis, Iech fir d'Enn vum Joer 2024 iwwer e Gewënnspill ze informéieren, bei dem dir d'Chance hutt, Theateropféierunge fir Är Schoul ze gewannen. Wann dir fir Är Schüler kuerz virun der Chrëschtvakanz also nach eng flott Aktivitéit wëllt organiséieren, da maacht mat !

**Wat gëtt et ze gewannen?**

Et gi 5 Opféierunge vum Theaterstéck „Litti a Betti spille mam Dreck" ze gewannen. Dëst Theaterstéck, sensibiliséiert Schüler zum Thema Offall (wéi kann ech Offall vermeiden, wéi maachen ech den Tri asw.) a riicht sech un éischter Linn u Schüler aus dem Cycle 2 an 3.

**U wee riicht sech d'Gewënnspill?**

D'Gewënnspill riicht sech un all interesséiert Schoul oder Enseignant, déi hier Schüler spilleresch zum d'Thema Offall wëlle sensibiliséieren.

**Wéi kann ech matmaachen?**

Wann dir interesséiert sidd, schreift w.e.g. en E-Mail un communication@aev.etat.lu mat follgenden Informatiounen:

- **Numm vun der Schoul**
- **Adress vun der Schoul**
- **Unzuel un Opféierungen, déi dir an ärer Schoul gär organiséiere wëllt (max. 5)**
- **Eng Kontaktpersoun**

Dir kënnt Iech bis den 22. November umellen. De Gewënner gëtt ausgeloust a vun der Ëmweltberodung kontaktéiert. **D'Opféierunge ginn an der Woch vum 16. Dezember** an der Gewënnerschoul organiséiert.

Mir freeën eis op Är Réckmeldungen,

D'Ekippe vun der Ëmweltverwaltung an der Ëmweltberodung Lëtzebuerg

Administration de l'environnement
Service des Relations Publiques
1, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

communication@aev.etat.lu
Tél. : + 352 40 56 56 329
www.emwelt.lu